

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13014 LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akte
Bünebiller:	1 Stuff an engem App.
Spilldauer:	+/- 90 Min.
Rollen:	6
Frauen:	3
Männer:	3
Rollensatz:	7 Hefte
Preis Rollensatz	125,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13014 LU

Mäi Meedchen ass verréckt a mäin Eedem ass um Steieramt

(Kaméidistéck an in 3 Akten)

vum

Jos Weimerskirch

Inhalt

D'Jane huet de Virowend Chrëschttag gewielt fir säi neien Verloobten der Famill virzestellen.

D'Patricia, dem Serge seng Fra, notzt Geleeënheet hire Brudder an hir Schwéiesch ze invitéieren. Dëst Familljentreffen leeft anescht wéi erwaart.

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Bünebild:

Eng Stuff an engem Appartement.

*)

*) Am Appartement

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Persounen:

Persounen	Beschreibung	Asätz
Serge	Räiche Chef vun enger Entreprise dee räich gouf wëll hien bei der Steieren net ëmmer alles uginne huet, huet eng Affaire mat enger Schwäizerin.	
Patricia	Léiw a naiv, huet 3 Leidenschaften, hire Mann, hiert Meedchen an hire Brudder, och wann et net ëmmer einfach ass.	
Gilbert	Dem Patricia säi Brudder, huet bis virun der Pensioun um Steieramt geschafft. Wëll hien sech langweilt ass en am gaang eng Weiterbildung an der Psychologie ze maachen. Hien huet sech als Ziel gesat dofir ze suergen, dass seng Schwëster ëmmer glécklech ass.	
Jane	Ass e léift Meedchen wat vun engem Ament op deen aneren seng Laun kann änneren, just säi Pätter weess mat der Launenhaftegkeet ëmzegoen. Am Ufank vum Stéck stellt et der Famill säi neie Verloobten vir. Et ass deen 13ten.	
Romain	Huet grad um Steieramt ugefaang. Dëst lenkt hien vun enger aler Léift of. Zenter engem Mount huet hien eng nei Frëndin a wunnt mat hir zesummen.	
Mireille	Ass räich op d'Welt komm an ass iwwerzeegt esou automatesch zu deene bessere Leit ze gehéieren. Hat war um Fieldgen an mengt net just ze schmarotzen. Hat mengt e gebiltenen Mann géif och gutt an hiert Bestietnes passen. Natierlech langweilt et sech an iwwerspilt dat gären andeems et ironesch a vun uewen erof schwätzt Hat ass aus Trotz frou mat hirem Mann, an hält hir Schwéiesch fir eng Idiotin.	

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehwiwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Akt 1

(Den Dekor stellt eng Stuff duer wou den Dësch gedeckt ass an am Eck e Chrëschtbeemchen steet. Dobaussen sinn d'Toiletten.)

Szeen 1

(De Serge telefonéiert mat engem GSM. D'Patricia kennt op d'Bün, hien gesäit hat net.)

Serge: *(schwätzt ganz lues)* Hallo. Hei ass deng grouss Léift um Telefon. *(Di aner freet wien dat ass)* Wien wëlls de, dass et ass? Ech sinn et de Serge *(Si freet hien fir méi haart ze schwätzen)* Nee, ech kann net méi haart schwätzen. *(Si freet fir wat)* Wëll ech Daer net vun der Toilette uruffen, mee aus dem Salon. *(Si freet wou seng Fra ass)* Meng Fra ass an der Kichen a preparéiert de Chrëschttag Menü, ech profitéieren dovun. *(Hien versteet net wat hat seet)* Wéi? *(Versteet nach ëmmer net)* Wat sees de? *(Versteet nach ëmmer net)* Ech verstinn dech schlecht. *(hieft natierlech den Toun)* Mee Du kanns normal mat maer schwätzen. *(erwëscht sech a schwätzt nees lues)* Oder wëlls Du, dass si dech héiert? *(Si freet hien fir wat hien net o ass)* Well ech es sat sinn ëmmer vun der Toilette unzeruffen. Ech wëll an Zukunft esou man wéi méiglech dohinner goen. Et war eng genial Iddie vun dengem Gynekologe maer de Problem mat menger Prostate unzehänken. Esou konnt ech mech ëmmer verstoppen fir mat Daer ze schwätzen. Däi Gynekologe hätt sech just kéinten e bësse méi professionell weisen. Meng Fra hat an enger Fraenzeitung gelies, dass Courgetten bei Prostataproblemer hëllefen. An zënter hunn ech es genuch: *(zielt op)* Éischtens: haassen ech d'Courgetten; Zweetens: haassen ech et gemäscht ze ginn, an elo och nach béides. Du kanns Daer et net virstellen. *(eng Paus)* Huesi, zënter deem sinn ech maer sécher, d'Hell ass iwwerséint mat Courgetten *(hat laacht)* Do gëtt et näischt ze laachen - Hat mécht se an alles. *(Seng Frëndin gëtt eng gewoten Interpretatioun zu deem Wuert "an alles", des Interpretatioun schockéiert hien)* Ech wëll soen an alles wat et kacht fir a mech eran ze stiechen. *(eng Paus)* Heiansdo froen ech mech wou s Du un esou Gedanke kënns. *(Pëtz dem Publikum en A zou nëmmen wann dat reagiert huet)* Du bass jo net aleng. *(Um Telefon gëtt d'Thema gewiesselt)* Wann s Du weisst wat fir eng Freed 's Du maer gemaach hues wéis Du maer matgedeelt hues, dass maer e kleng Bouf kréien. *(D'Patricia kennt eran. Hien gesäit et net. Hat héiert alles, mee gesäit net mat wien hien schwätzt)* Ech hunn eng Iddie - ech maachen d'Aen zou an Du sengs maer e Lidd. *(D'Frëndin freet wat fir eent)* Ech weess et net. Ee wat s de mungs wat maer gudd doe géif. Allez sang! *(D'Patricia ass glécklech wëll et mengt et wier fir hat a fänkt un mat sangen. De Serge hänkt an a verstoppt säin Handy diskret. Duerno seet de Serge ganz autoritär)* Fir wat hues du däi Brudder a seng Chefin invitéiert?

Patricia: *(sou zefriden vun hirem Sangen, dass si sech net méi un d'Invitatioun erënnere kann)* Fir wéini?

Serge: Fir haut. *(Si versteet näischt an hien versicht ze erklären)* lers Du dech domm stells. Du weess wat fir en Dag maer haut sinn?

Patricia: *(verluer)* Haut?

Serge: De 24ten Dezember.

Patricia: *(ouni ze verstoen)* De 24 Dezember. *(erënnert sech)* A jo, ech hat dat ganz vergiess.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Serge: Kënnt et Daer erëm.

Patricia: Et ass nees do.

Serge: (*glécklech, dass et verstanen huet widderhëlt hien seng Fro*) An fir wat hues du di 2 um Virowend vu Chrëschttag invitéiert? Maer haten eis vir geholl ni méi een z'invitéieren.

Patricia: (*verbessert*) Klengen Ënnerscheid. Maer haten eis decidéiert ni méi dee Snob vu Mireille z'invitéieren. Well maer mäi Brudder net ouni seng Fra invitéieren hu maer hien jo och net méi invitéiert. Mee fir, dass dat kloer ass: dat war dunn och d'Konsequenz.

Serge: (*hält sech drun*) Da froen ech dech anescht. Fir wat hues dee Snob an d'Konsequenz invitéiert?

Patricia: Wëll d'Jane eis eisen zukünftigen Eedem virstelle wëll. Wa maer di aner net invitéiert hätten, hätt d'Jane gemengt maer wëilten seng Freed net mat aneren deelen a dann hätt et eis nees eng Szeen gemaach.

Serge: Gudd, dass maer hinne keng Geschenker ze maache brauchen.

Patricia: Erstaunlech, di Decisioun vun eisem Meedchen op d'Kaddoen ze verzichten.

Serge: Endlech emol eng Iddie vun him fir ze spueren. Maer wäerten déi net bei him kritiséieren. Et gesäit och net schlecht aus wa beim Beemchen eidel Käschte stinn. Wat wäerten der do neideg ginn. (*Hat versteet net an de Serge erklärt*) Stell Daer all déi Leit vir, déi an der Nuecht bei ebay versichen hir Geschenker ze verkafen ouni, dass deen hinnen se gemaach huet et mat kréie soll. An dobäi hu se sech gemaach wéi wann a se sech iwwert de Kaddo freeë géifen. (*mécht ee no dee sech freet*)

Patricia: Ech hunn op all Kaddo e Numm gemaach wéi wann et richtig Kaddoe *wieren*.

Serge: Ech hoffen däi Brudder mécht eis net nees duercherneen mat all sengen Erfolleger um Steieramt.

Patricia: Ech fannen zënter, dass hien an der Pensioun ass, schwätzt hien manner doriwwer.

Serge: Bass Du Daer dees bewosst. Pensionaire mat 58 Joer.

Patricia: Du muss wësse wat 's de wëlls. Wärend 20 Joer hues Du him de Virwurf gemaach e géif zevill schaffen. Lo méchs Du him e Virwurf, dass hien opgehal huet.

Serge: Ech hunn him ni virgeworf, dass hien zevill schafft. Ech hunn him di Freed virgeworf déi en hat wann e geschaf huet.

Patricia: Villäicht, mee di Aarbecht huet e gléckleg gemaach. Als Jugendlechen war hien ganz melankolëch a "Selbstmord gefäerdet" ier hien an der Schoul beim Kannerpsycholog war (*mécht hir Mamm no*) "Esou eppes seet ee net" huet d'Mamm hir gesot. Mee d'Psychologin wollt dat net héieren. (*mécht d' Kannerpsychologin no*) "Madame, aere Jong bréngt sech ëm". All Kéier wa si hien gesinn huet, huet si hien bemustert. "Wéi liefs Du nach?" (*eng Paus*) Dunn huet mäi Brudder säi Wee fonnt (*betount*) d'Steieramt... Dat war

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

eng Offebahrung. Mat all Kontrollë déi e gemaach huet, huet e sech méi wuel gefillt. An elo ass hien deen, deen op eis Feier kënnt. E konnt sech esou guer glécklech bestueden.

Serge: (*ameséiert iwwer di Aart a Weis wéi seng Fra iwwert d'Schwéiesch schwätzt*) Fënn 's de?

Patricia: Ech kann et och net ausstoen, mee du muss zouginn, dass d'Mireille eng grouss Hëllef fir hien ass.

Serge: Bei wat?

Patricia: Et hunn ëmmerhin Politik op der Uni zu Tréier studéiert.

Serge: Jo awer net bis zum Schluss.

Patricia: (*wéi wann dat evident wäert*) Jo, et huet jo dunn och mäi Brudder kenne geléiert.

Serge: Wat huet dat dann domadder ze dinn?

Patricia: D'Mireille ass eent vun deenen wou en Unisstudium am Ausland och Garant fir eng Hochzäit ass. Ben, dat ass een ob mannst bei deenen schéinen. Di méi ellen, wann déi gären e Mann hätten, ginn op de Belval.

Serge: Ech huelen un mer mussen nees seng Dommheeten iwwer eis ergoe loossen ouni eppes ze soen.

Patricia: Jo. Hat stëppelt just fir, dass maer mat sengem Mann streiden. Et sicht eng Ursaach fir net méi brauchen heihinner ze kommen. Hat sicht e CASUS BELLI. (*De Serge ass erstaunt iwwert déi Wieder*) Ech hunn dat an enger Zeitung an enger "Salle d'attente" gelies. Et war e CASUS BELLI deen et mat menger Mamm gemaach huet. Di aarm Fra huet mäi Brudder schonn 10 Joer net méi gesinn, mee ech si méi schlau wéi hire CASUS BELLI. Wat si och ëmmer seet. Ech bleiwen haart wéi Marber. A wann ech spieren, dass ech noginn, dann denken ech u meng kleng Revanche an da bleiwen ech roueg.

Serge: Méchs Du dat haut?

Patricia: Jo.

Serge: (*ongleeweg*) Du lees dech um Reveillon mat him un.

Patricia: Et wier net fir d'éischt. Hat decidéiert. Wann hat stëppelt, leeën ech mech mat him un. Wann hat net stëppelt bleiwen ech roueg. (*an engem Toun dee bestätegt*) Wann eng al Schülerin vun de Uni Tréier sech um Reveillon net zeréck hale kann, wéi soll dann ee wéi ech sech zeréckhalen?

Serge: Pass op, dass de Schoss net no hanne lass geet.

Patricia: Keng Gefor. Ech tässelen alles dohin wat hat eis an deene leschten 30 Joer virgeworf huet. Mee sief Du ganz diskret. Mäi Brudder soll vun deem ganzen näischt matkréien. Stell Daer et emol vir, maer géifen hien ni méi erëm gesinn.

Serge: Da géife maer manner vun der Steierverwaltung ze héiere kréinen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Patricia: Hat ech Daer gesot, dass d'Mireille eng ganz Therapie vun him krut.

Serge: Mat deem wat däi Papp u Steieren huet misse no bezuelen ass déi längst bezuelt.

Patricia: Dat war säin Oedipuskomplex deen an him gerout huet.

Serge: Wann de Staat nach e puer esou Leit mat Oedipuskomplex hätt, géif keen méi vun deem senger Schold schwätzen.

Patricia: Aarme Papa. En hätt net sollen esou stolz optrieden (*mécht de Papp no*) "Du Kontrolleur? Dass ech net laachen. Datt géif ech gär gesinn!" (*eng Paus*) Hien huet gesinn. (*stëppelt*) Enner eis gudd, dass mäi Brudder ëmmer esou léif mat senger Schwëster war, gell Häerzi (*si kuckt e streng an erkläert*) Hien huet eis verschount bis...

Serge: Bis haut (*eng Paus*) Awer seng Drohungen, domadder verschount en eis net.

Patricia: Ma e mécht de Geck.

Serge: Ganz komesch, ech pissen an d'Box.

Patricia: E géif senger klenger Schwëster ni eppes zu Leed doen (*schwätzt drop lass*) Fir, dass hien dech kontrolléiert misst Du schonns friem goen - dat kann ech Daer soen!

Szeen2

(*Et schellt*)

Patricia: Dat sinn se! Kommt eran. Et ass op.

(*De Gilbert kënnt eran mat engem Bouquet Blumen.*)

Gilbert: Moien dier Verléiften.

(*De Serge wénkt him mat den Geste "Moien".*)

Patricia: (*ëmäermelt en*) Mäi Petzi. O wat fir schéi Blumen. Et wier net néideg gewiergt (*eng Paus*) Ass d'Mireille net do? (*spillt dat beonrouegt*) Beroueg mech. Et ass jo net krank?

Mireille: (*vun dobaussen*) Nee beroueg dech. Ech sinn hei. (*kënnt eran*) Ech hu just e bësse gebrauch fir d'Trapen rop ze kommen. Ech hu maer dat zu Tréier op der Uni ugewinnt.

Gilbert: (*gesäit d'Kaddoen*) Maer hate gesot keng Kaddoen.

Patricia: Beroueg dech, d'Këschte sinn all eidel. Ech hu gemengte dat géif méi traditionell ausgesinn.

Mireille: (*feindseeleg*) Un eidel Këschten ze denken!

(*D'Patricia hält sech zeréck.*)

Gilbert: (*schwätzt vun de Blumen fir de Schoss ofzelenken*) Wéi fënns de se?

Patricia: Déi si wonnerschén.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Mireille: Däi Meedchen stellt eis säin 13te Frënd fir, maer wollten derbäi sinn.

Patricia: Deen 13ten. Si Daer sécher?

Mireille: Mäin Gilbert huet se all gezielt.

Patricia: Dat ass komesch. Ech hu just ee Mann kannt. Op deem Punkt si maer verschidden. Et ass jo awer mäi Meedchen.

Mireille: Et ass nun eben emol eng Tatsaach, dass d'Jane vill Succès bei de Männer huet.

Patricia: (*mécht alles fir sech net ze iergeren*) Ëmmerhin, all Kéier mengt et, et wier dee richtegen. (*zum*

Serge) Do ass et wéi s Du.

Serge: (*erstaunt*) Wéi ech?

Patricia: All Kéiers wanns Du een astells bass Daer sécher, dass deen e CDI an der Firma kritt an da kritt en awer just e CDD. Se mengen se *wieren* ukomm. Bei denger Duechter ass et selwecht. All hir Frënn mengen se *wieren* ukomm an da maachen se eng kleng Dommheet an dann mëscht hat mat hinne Schluss. (*eng Paus*) Wéi s Du ouni Warnung, wéi s Du.

Mireille: (*schwätzt vun dem 12te Frënd*) Dee leschte war knapps am Stage.

Patricia: (*kann dat net méi héieren*) Ech ginn eng Vase fëllen.

Gilbert: Keen Zweck, et si künstlecher.

Patricia: (*litt*) Dat weess ech. Maer war dat opgefall.

Mireille: (*ironesch*) Mach awer Waasser an d'Vase, et weess.

Patricia: (*zum Mireille, bal rosen*) Ech muss se jo awer an eng Vase setzen.

Gilbert: Ech si méi frou mat künstleche Blummen, dat ass méi spuwersam. Ausserdeem méi ëmweltfrëndlech. Et feelt genuch u Grondwaasser.

Mireille: Ausserdeem brauch een net permanent d'Waasser ze wiesselen. (*zielt op d'Patricia*) Dat kann nëtzelech sinn wann een zevill un aner Saachen denkt.

Gilbert: (*wiesselt d'Thema fir de Stuerm ze verhënneren*) A Schwoer. Wat gött et neist? Nach ëmmer net am Prisong?

Serge: (*deem ass et egal well hien ass déi Stëpplerei gewinnt*) Wat kann ech Aech fir ze drénken offréieren?

Gilbert: E kleng Whisky.

Mireille: Ech géif e Glas Schampes drénken wann Daer dees hutt.

(*De Serge mécht de Service.*)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Gilbert: *(zum Serge)* Geet et denger Prostate besser?

Patricia: *(begeeschtert)* Vill besser. E war haut nach net o, haut de Moien, ...

Mireille: *(ironesch)* O huet dee klenge Serge haut nach kee Pipi gemaach.

Patricia: Weess de Mireille am Piss ass dat wat zielt net Quantitéit mee d'Qualitéit *(zum Gilbert)* Wëll e waarde kann, geet et him besser. An dobäi wollt kee Mënsch gleewen, dass d'Courgetten d'Prostate fleege géifen.

Mireille: Ech hat engem gudde Kolleeg, deen am Centre hospitalier schafft dovunner erzielt, dee war just erstaunt.

Patricia: Ma da kanns Du deem verzielen, dass dat *wierkt*.

Gilbert: Eise Kolleeg ass villäicht e bësse beschränkt do gëtt et sécher eppes an der Courgette wat positiv op d'Prostate *wierkt*.

Mireille: Et *wier* net di éischte Kéier, dass d'Medezin e Schratt no vir mécht duerch e komescht Rezept vun enger Fra.

Patricia: *(gëtt sech zefridden)* En plus mécht dat e sympathesch.

Gilbert: Nee?

Mireille: E Wonner.

Patricia: En hat mech esou guer gefrot fir ze sangen.

Gilbert: Nee?

Patricia: Dat huet e net mech zënter eiser Verlobung gemaach.

Mireille: *(änner Schock)* Ech erënnere mech.

Patricia: An dat alles wéinst de Courgetten.

Gilbert: *(zum Serge)* Hues Du hat *wierklech* gefrot fir ze sangen?

Serge: *(midd)* Jo.

Mireille: A maer hunn dat verpasst.

Patricia: *(prett)* Ech géif am léifsten nees ufänken.

Mireille: O jo.

(D'Patricia sengt nach eng Kéier dat selwecht Lidd. Et gesäit een, dass dat di aner nervt. D'Mireille mécht him Courage.)

Gilbert: *(zum Serge)* Ech froe mech wéi dee neien ausgesäit.

Serge: *(entsat)* Wat?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Gilbert: (*méi haart*) Ech froe mech wéi dee neien ausgesäit? (*D'Mireille invitéiert jiddereen fir mat ze sangen D'Patricia insistéiert och. Säin Ziel ass erreecht wëll den Gilbert widderhëlt an engem Stéck seng Fro déi de Serge net versteet.*) Dee Neien! Wéi deen ausgesäit?

Serge: (wéi en endlech d'Fro verstanen huet) Keng Anung.

Gilbert: Ech si frou, dass d'Jane net do ass ... (*jäizt*) Patricia. (*D'Patricia hält op mat sangen. De Gilbert schwätzt nees an engem seriösen Toun*) Ech muss mat Aech schwätzen (*eng Paus*) Ech hunn eng schlecht Noriicht fir Aech: Äert Meedchen leid ënner enger "Weesekand Névrose".

Patricia: Wat?

Mireille: (*erkläert wéi wann d'Patricia de Numm net vu sengem Meedche wéisst*) D'Jane. (*insistéiert*) D'Meedchen wat' s du während Joren grouss gezunn hues, huet eng "Weesekand Névrose".

Patricia: (*zum Gilbert*) Wat léist dech dat unhuelen?

Gilbert: Mäi neie Beruff.

Serge: Däi wat?

Gilbert: Mäi neie Beruff (*erkläert*) Wësst der, wa maer vum Steieramt bei d'Leit Kontrolle maache gaange sinn waren déi net ëmmer fein mat eis, a maer krute ni e Laachen...

Mireille: (*ënnerbrécht*) E Kolleeg vun eis deen als Psychologe op der Fonctioun publique schafft, sot eis di Stresssituatioun déi deem Kontrolléierten ausgesat ass géif och ob de Kontroller iwwergoen.

Gilbert: Et *wier* also fir deem säi Kierper net gudd wann deen vun engem Ablack op deen aneren zu Rou komme géif. An dobäi däerf e Fonctionnaire a senger Pensioun net méi schaffen.

Serge: (*ironesch*) Wat eng Ännerung.

Mireille: Mach net de Geck. (*mat enger Grimasse weist de Serge, dass et him eescht war. D'Mireille schwätzt ganz sérieux*) Dofir di strukturell Ännerung a sengen Aktivitéiten. Verschiddener gi ganz geckeg.

(*De Serge muss schmunzelen*)

Gilbert: A fir eis bei dëser Ëmännerung ze hëllefen huet d'Steieramt eis Kueren ugebueden.

Serge: (*versteet de Sinn vun deem ganzen net*) Kueren?

Gilbert: (*ganz iwwerzeegend*) Op Universitätsniveau.

Mireille: Just, dass et keng Examen ginn.

Gilbert: Mat dëse Kueren kann ee néierens e neien Job ufänken.

Mireille: De Gilbert huet d'Psychologie gewielt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Gilbert: An ech kann Aech soen ech hu laang doriwwer nogeduecht, mee d'Jane leid ënner Weesekand Névrose.

Serge: (*ironesch*) Am Platz d'Weesekanner ze attaquéieren, häss Du do et net besser all déi traumatiséiert Beamten an Aerer Verwaltung ze fleegen déi ze vill pénglelech sinn.

Gilbert: (*ganz sérieux*) Fir d'éischt d'Famille.

Patricia: (*beonrouegt*) Wat ass dat fir eng Névrose?

Gilbert: (*professionell*) Des Névrose ass charakteriséiert duerch eng duebel Angscht: déi, dass een sech aleng fillt an déi, dass een seng Onofhängegkeet verléiert. (*eng Paus*) Kenns Du een dee méi hëllefsbereet ass wéi däi Meedchen?

Mireille: Maer hu laang gesicht mee maer hu kee fonnt.

Serge: Dokter ass et schlëmm?

Mireille: (*zum Gilbert, mécht eng Undeutung iwwert d'Zweifel vun deenen Aneren*) Chérie, ech hat dech gewarnt, ech sot Daer, dass se bloquéiere géifen.

Gilbert: Dat ass e Symptom vun senger Krankheet déi een als positiv bezeechnen kann well d'Ëmfeld weess et ze schätzen.

Mireille: Wann et de Leit hëlleft, dann ass dat leider net en Zeeche vun Nächsteléift, leider just eng Angscht aleng mussen ze sinn.

Serge: (*zum Gilbert*) Ass et scho laang, dass Du esou eng Weiterbildung méchs?

Gilbert: (*an engem natierlechen Toun*) Aner hallwe Mount. (*eng Paus*) En 2ten manner esou beléiften Symptom fir säin Entourage: d'Jane hëlleft esoulaang wéi et d'Gefill huet mat senger Hëllef nätzlech ze sinn an dann ob eemol boum! E Kopplabunz, et hält mat allem op.

Patricia: (*bal um kräischen*) Weess de Petzi, et ass schwéier fir eng Mamm ze héieren, dass sai Meedchen ënner eng Névrose leit.

Serge: (*zum Gilbert*) Esouguer an der Pensioun wents de eng Méiglechkeet un d'Leit ze nerven.

Mireille: Gesäis de Gilbert, se bloquéieren. Du wollts maer net nolauschteren.

Gilbert: (*hieft den Toun*) Ma lauschtert. Wann dat eng Kéier diagnostizéiert ass, ass et vill méi einfach fir ze wëssen wéi een op hat reagéiere soll. (*eng Paus, profitéiert vun der Rou déi sech breet gemaach huet*) Et muss een ëmmer engem deen d'Weesekand Névrose huet den Androck ginn, dass deen decidéiert. Hat mécht dann dat wat Daer gären hätt an et ass da glécklech.

Serge: Egal wat.

Gilbert: Kuck di 12 Verloobten virdrun. Am Ufank hält et all hir Launen aus et weist sech vu senger gudder Säit.

Mireille: (*firt weider*) Well se verwinnt ginn, si se verléift.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Patricia: Typesch Mann.

Gilbert: *(am Toun vun engem dee Schwieregkeeten huet sérieux geholl ze ginn)* Patricia erzielt maer wéini et Daer di leschte Kéier gehollef huet.

Mireille: Allez verzielt. Jiddereen lauschtert Daer no. Profitéier dovun.

Patricia: Et war e Méinden. Eng vu menge Frëndinnen war Moies um 3 Auer um Findel gelant. Wéi ech him gesot hunn meng Frëndin misst mam Taxi kommen huet d'Jane proposéiert hat sichen ze goen. Dat war besonnesch léif well et den Dag duerno geschafft huet.

Gilbert: *(am Toun vun engem dee weess, dass e Recht huet)* Dat ass e positiven Aspekt vun der Névrose.

Mireille: An?

Patricia: Wëll ech dat menger Frëndin gesot hunn sot déi maer se géif 2 Stonnen éischer kommen.

Mireille: An?

Patricia: Ech hunn dem Jane dat gesot.

Mireille: An?

Patricia: Hat sot maer meng Frëndin kéint jo dann op hat waarden.

Gilbert: Dat ass de negativen Aspekt vu senger Névrose.

Mireille: An?

Patricia: Ech hu mech geiergert *(eng Paus)* léif.

Mireille: An?

Patricia: Hat ass gefuer.

Serge: *(glécklech, dass aus der Demonstratioun näischt gouf)* A.

Patricia: *(muss deenen aneren leider recht ginn)* Just et ass net direkt meng Frëndin siche gefuer. Et ass op der Autobunn stoe bliwwen fir ze tanken, fir eng Taass Kaffi ze drénken a fir do eng hallef Stonn ze schlofen.

Mireille: *(zum Serge)* A.

Gilbert: D'Weesekand Névrose.

Serge: *(irritéiert vun der Demonstratioun, zum Patricia)* Wisou weess Du dat?

Patricia: Hat huet menger Frëndin dat verzielt, wéi dat et gefrot huet wisou et eng Stonn a Verspéidung wier.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Mireille: Do kann ech just soen Weesekand Névrose.

Patricia: *(zum Serge)* Huesi, mungs de si hätte Recht?

Serge: Ma nee. Däi Meedchen huet e gëllent Häerz an e knaschtege Charakter. Am Fong, et huet mäin Häerz an däin Charakter. Dat ass keng Névrose, dat ass geierft.

Gilbert: Ech sinn der Meenung et misst een dee jonke Mann warnen fir, dass deen sech dem Behuelen upasst.

Patricia: *(zum Serge , bal iwwerzeegt)* Huesi, wat mungs Du?

Serge: *(entsat)* Deen éischten deen dat Wuert Névrose benotzt kritt eng mat enger Courgette vir an d'Gladder.

(De Serge kritt eng SMS a geet op d'Toilette.)

Mireille: Maer hunn an 3 Méint Rendez-vous fir dee 14ten se empfänken.

Gilbert: *(schwätzt dovunner, dass den Serge fort ass)* Seng Prostate?

Patricia: *(bestätegt)* Dat ass bei allem Verdross esou. Da muss e Pisse goen. Ech setzen eng weider Courgette op säi Menu.

(Hat geet an den Gilbert kann sech net zeréck halen fir d'Appartement ze inspizéieren.)

Gilbert: Se hunn sech eppes zousätzlech gelescht.

Mireille: Do gesäit een Chérie, dass Rächtum näischt mat Intelligenz ze dinn huet.

Serge: *(schwätzt normal haart)* Hallo! An, wat ass lass? *(Si seet him hien soll net esou jäizen)* Nee, ech kann normal schwätzen, ech sinn o. *(hat seet him, dass et Péng huet)* Du hues de Bauch wéi? *(hat bestätegt)* Ma dann, dann ass et geschwënn esouwäit. *(eng Paus)* Wéini kënnt den Dokter? *(hat seet him, dass et domadder waart)* Definitiv Daer aus der Schwäiz Sidd ni presséiert.

Mireille: Gudd Iddie fir op d'Kaddoen ze verzichten.

Gilbert: Si wollte net, dass maer eis net wuel fillen wa maer hinnen net esou en deiere Kaddo maache kënnen wéi si eis.

Mireille: Et ass optimistesche et esou ze gesinn chérie.

(D'Patricia kënnt nees op d'Bün mat enger Courgette déi et am gaangen ass ze schneiden.)

Mireille: Kann ech Daer eng Hand upaken Patricia ?

Patricia: Net néideg, ech ginn aleng eens.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwën, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Serge: *(zu senger Frëndin)* Du erréits ni wat mäi Schwoer bei mengem Jane festgestallt huet *(Si wëll et*

Mireille: Dech kachen ze gesinn mécht ëmmer Freed.

Patricia: Du schmeechels maer.

Mireille: Ech sinn éierlech.

Gilbert: Ech sinn Zeien.

Serge: *(zu senger Frëndin)* Fir wat frees de op dat ierflech ass?

Gilbert: Et schwätzt di ganzen Zäit vun dengem richtege Cordon bleu.

Mireille: De salzege Goût deen ëmmer am Hals bleift wann ee bei Daer ësst, ech froe mech wéi s Du dat méchs.

Serge: *(schwätzt mat senger Frëndin)* Kuck Huesi, d'Nevrosen sinn net ierflech.

Patricia: Ech benotze Bio-Produkten.

Serge: *(schwätzt mat senger Frëndin, wéi fir et ze berouegen)* An iwwerhaupt et ass keng richtig Névrose.

Mireille: Ech hoffen Du gëss maer enges Daags d'Rezept.

Patricia: *(fillt sech gebauchpinselt)* Versprach! Ech beschreiwen Daer eng Kéier alles *(eng Paus)* bis an dat klengsten Detail.

Serge: *(schwätzt mat senger Frëndin)* Huesi, Du wäers jo elo net der Diagnose vun engem Pensionaire vertrauen deen decidéiert huet a sengen leschten Deeg Sigmund Freud ze spillen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Gilbert: *(beonrouegt, dass d'Mireille an d'Patricia esou vill mateneen schwätzen)* Mam Serge, geet et?

Patricia: Kanns Du Daer virstellen, dass e mech esouguer gefrot huet fir ze sangen.

Serge: *(schwätzt mat senger Frëndin)* Ech maache maer do keng Suergen.

Mireille: Ech verstinn en. Wann ech net Angscht hätt dech zevill ze belaauchten géif ech dech froen et nach eng Kéier ze maachen.

Gilbert: *(jäizt aus ganzem Häerzen)* Nee.

Patricia: Petzi, bass Du net frou mat menger Stëmm? *(hat trotzt)*

Serge: *(schwätzt mat senger Frëndin)* Just ech fannen, dass eng Fra déi hir éischt Weien huet un eppes anescht ze denken huet wéi d' Verierwen vun enger Névrose déi just an de Gedanken vun engem Staatsbeamten existéiert deen et gewinnt ass, d'Leit ze folteren.

Patricia: *(zum Gilbert)* Ech kann Daer et summen, wann s Du et wëlls.

Mireille: Oh jo, summ eis et. Du bass därmoossen intelligent, wann s Du däi Mond opméchs an et kënnst kee Wuert eraus *(D'Patricia fänkt un se summen)*

Serge: *(schwätzt mat senger Frëndin)* Wat sees de Häerzi? *(si seet him, dass dee kee Drang huet se z'invitéieren)* Mengs de ech hätt do d'Wiel? Wa maer se net invitéiert hätten, hätt meng Fra de ganzen Owend Schnësser geschnidden. Weess de, heiansdo hunn ech den Androck, dass dat Daer Spaass mécht. *(eng Paus, hien iwwerleet)* Nee ech si net rosen mat Daer. Just heiansdo kéints Du dech méi a meng schwierig Lag versetzen. *(Hat seet eppes wat näischt mat deem ze ginn huet wat hien grad gesot huet)* Wat? *(fënnt seng Wieder)* Hues Du deng éischt Weien? Jo an. Dat ass keng Excuse. D'Weien hunn nach net verhënnert, dass eng verléifte Fra fasziniert ass vum Mann vun hirem Liewen.

D'Patricia summt.

Patricia: *(zum Gilbert)* All Kéiers wann ech dech gesinn dees de mech laachen. *(hat summt weider)*

Serge: *(schwätzt mat senger schwäizer Frëndin)* Ech si keen Egoist. Ech si just fäerdeg mam Nerv wéinst mengem Schwoer senger soi-disant wëssenschaftlecher Analyse a wéinst dengem Accouchement. *(äntwert hir)* Nee ech maachen Daer kee Virwurf! Mee Du häss maer och eppes anescht kéinte soen: "Du häss se net sollen invitéieren!" *(Si iergert sech)*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Wat? (*fénnt nees seng Stämm*) Ech iwwerdreiwien? Dat ass de Combel. Elo fänkt *wierklech* eist Accouchéieren un. (*En hänkt an a geet nees an lesszëmmer*)

D'Patricia ass grad fäerdeg mam summen.

Gilbert: (*zum Serge*) Wat Névrose betrëfft, tippen ech, dass déi vum Papp senger Säit kennt. (*eng Paus*) A wat schafft säi Frënd dann esou?

Serge: Wien?

Mireille: Dat zukünftegt Affer.

Patricia: D'Jane refuséiert eis dat ze soen.

Serge: D'Aarbecht vu sengem zoukënftegen Don Juan gehéiert zu sengem Privatliwen a säin Privatliwen geet eis näischt un.

Gilbert: Wëll s de, dass ech e Mail op de Parquet schécken fir mech iwwert deen Typ ze renseignéieren?

Serge: En Gottes Wëllen net. Iwweregens wëll ech net, dass hien gewuer gëtt, dass Du um Steieramt waars.

Mireille: Fir wat?

Serge: (*zum Mireille*) Wëll en dee virdrun verraut hat.

Gilbert: Ech?

Mireille: (*erënnert sech*) Ech hat gemengte ech misst schwaach falen.

Patricia: (*denkt drun wann et éischter dru geduecht hätt, hätt et de Gilbert net invitéiert*) D'Jane hätt eis deemools awer och kéinte soen dass hien e Chef vun enger Entreprise ass.

Mireille: Wéi wann mäin Gilbert de Verloobten vu senger Fra hirer Giedelchen kontrolléiere géif.

Serge: (*zum Mireille*) Et sinn seng Geschichten déi Angscht maachen.

Gilbert: Meng Geschichten?

Serge: (*zum Gilbert*) Esoubal s Du op deng Aarbecht ugesprach gëss, frees de ob s de eng Geschicht erziele solls.

Mireille: Et ass net mäi Feeler wann se all "Jo " soen.

Serge: Se hate jo gehofft eppes bäi ze leieren.

Gilbert: Wat hätten se da solle bäiléieren wann ech hinnen erzielen wéi ech de Supermarché kontrolléiert hunn.

Mireille: Oder deen deen s de kontrolléiert has well e Pech hat mat denger Schwëster en Autosaccident ze hunn.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlëine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Gilbert: De Verkéiersrowdy, deen hat et och verdéngt.

Patricia: Ech hat mech bei him entschëllegt. (*nach ëmmer schockéiert*) Wéi ech säi nidderegen rouden Auto gesinn hat wollt ech bremsen an do war mäi Fouss op de Gas gerutscht. Et ass jo net mäi Feeler wann ech rëtscheg Féiss hunn. Ech hunn direkt erkannt, dass mäi rëtschege Fouss deen eenzege Schëllege war a well ech säi Propriétaire sinn, hunn ech all Feeler ob mech geholl. Du häss missen héieren wéi e mech vernannt hat (*imitéiert*) "Madame, aere rëtschege Fouss, huet dee villäicht och aere Permis bezuelt? (*hält op z'imitéieren*) Kanns Du Daer dat virstellen?

Mireille: (*ameséiert*) Et stëmmt et huet ee nach ni e rëtschege Fouss gesinn, deen de Permis bezuelt huet.

Patricia: (*fiert weider*) Hien huet mech esouguer gefrot ob mäi rëtschege Fouss dat esouguer gemaach huet fir hien kennen ze léieren. An dunn hunn ech e riicht an d'Ae gekuckt. (*spillt di Szeen*) "Monsieur mäi Fouss ass wéi mäi Mann, "rëtscheg" villäicht mee "trei" an hien huet dunn net genéiert gesot: (*spillt*) "Ech hoffen, dass aere Fouss net de Constat schreift". An all Kéiers wann e säi nidderege rouden Auto gekuckt huet, huet e nees ugefaang. "Nee wat en lesel, nee wat en lesel". Esou schwätzt ee net mat mengem Fouss.

Mireille: An dat alles wéinst esou engem blöden klenge rouden Auto.

Patricia: Dee nëmmen 2 Sätzplaze hat an en plus net stabil war. E war ganz futti, a mäin hat bal näischt.

Mireille: Do gesäit een wéivill besser e Mercedes am Verglach zu engem Ferrari ass.

Patricia: Ech hat meng Feeler agesinn.

Gilbert: (*erënnert sech*) Wat hat ech deem mam Ferrari es ginn. Volle Programm. (*ass begeeschtert*) Sot ech Aech...

Serge: (*ënnerbrécht*) Honnert Mol.

Gilbert: Di gudd al Zäit. Ob mannst meng.

Serge: Jo! Just all Kéiers wann s du vun denger gudder Zäit schwätzt, muss deen deen s de kräizt et mat der Angscht ze di kréien.

Mireille: De Steierzueler dee net fuddelt, brauch net ze fäerten.

Patricia: De Beweis, (*eng Paus*) maer brauche näischt ze fäerten.

Gilbert: Wann ech net intervenéiert *wier* ...

Patricia: Deng Aarbechtskolleegin hat eis näischt Gréisseres virzwerfen. Iwweregens, Du soss selwer et géif sech em en Iertum a net em eng Fuddelerei handeln.

Gilbert: Sécher! Mee fir dat bestätegen ze kënnen (*kuckt de Serge*) hunn ech deng Kontabilitéit ënnert d'Lupp geholl. Du kanns dem Himmel Merci soen, dass meng Kolleegin eréischt grad bei eis ugefaangen hat, soss *wier* den Dierwiechter komm.

Patricia: Du iwwerdreifs.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Gilbert: *(schwätzt vum Serge)* Hien mécht mat Daer de Geck an Du sees ech géif iwwerdreiwen.

Mireille: Allez Gilbert, *(mat engem ënnerschwellegen Toun)* de Serge ass trei ... ne Serge ?

Serge: Jo! Jo.

Gilbert: Wat soll ech dann zielen wann ech net méi iwwert menger Nies hir Névrose an iwwert meng Aarbecht schwätzen däerf?

Serge: *(sicht)* Vum Wierder dobaussen. *(bestätegt)* Du schwätz vum Wierder dobaussen.

Mireille: Da gëtt eise Reveillon awer lëschtég.

(De Gilbert geet bei d'Fënster a kuckt d'Wierder dobaussen.)

Gilbert: *(denkt un d'Wierder)* An deem Fall muss ech mech informéieren. *(e fänkt un haart nozedenken)* Bedenkt, wann et sech ergëtt, dass säin neie Verloobten Staatsbeamten ass. An dem Fall riskéiert en näischt. Si kënne net fuddelen. *(zu sech selwer)* Just am Fall vun enger Ierfschaft. De Bedrug bei enger Ierfschaft ass méi grouss wéi ee mengt.

Mireille: *(wéi eng Mamm)* Näischt ze maachen!

Patricia: *(wéi eng Mamm)* Et ass méi staark wéi hien.

Gilbert: *(erwëscht sech)* Do brauch ech nach vill Zäit.

Szeen 3

Jane: *(kënnt eran)* Moien Tatta.

Mireille: Jane, fir wat nenns de mech net Giedel?

Jane: Wëll ech fannen, dass dat dech nach méi al mécht weis de schonn bass. Moien Monni.

Gilbert: Moie mäi Klenkt. Fënnt s de net, dass et schéin dobaussen ass?

Jane: Ech kucke maer d'Wierder un wann ech den Alter hunn wou ech soss näischt Interessantes méi ze dinn hunn. *(eng Paus, dem Gilbert an dem Mireille geet dës Bemierkung no)* Also mäi Garagist deen huet Culot. Ech bréngen him mäin Auto an d'Revisioun an hien seet e géif eens ginn. Fein soen ech him, et géif net presséieren, an hien kéint maer den Auto di nächst Woch erëm ginn. Dann hunn ech eng Woch laang keen Auto, ma gudd wann ech him domadder nätzlech sinn. Da fueren ech eben mam Bus a mam Tram. An enger SMS deelt hien maer mat den Auto *wier* gefléckt an ech kéint e siche kommen. Ech ruffen hien un a soen him ech géif e wéi ofgemaach di nächst Woch siche kommen. - Mee den Här wëll, dass ech esou séier wéi méiglech laanscht kommen well den Auto hënnert.

Patricia: Du kanns nach séier dohinner goen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jane: Kénnt net a Fro. Hee soll waarden. Ech sprange net wann hien et gären hätt. Monni ech hunn eng Iwwerraschung fir dech. Mäi Frënd ass Inspekter um Steieramt. Esou wéi s Du.

(De Serge geet op d'Toilette.)

Mireille: D'Prostate.

Jane: *(net domm)* Déi huet Ausdauer, déi Prostate.

Gilbert: Kennt däi Verloobten mech?

Jane: Nee, en huet leschte Méinden ugefaang. Du kéints him di eng oder aner Hëllef ginn.

Gilbert: Mat Freed.

Serge: *(telefonéiert mat senger schwäizer Frëndin)* Chérie lauschter, de Frënd vu mengem Meedchen schafft um Steieramt. *(erënnert sech, dass hat accouchéiert)* So wou bass Du drun? *(hat äntwert)* An der Klinik Ass et fir geschwënn?

Patricia: *(zu Jane)* Et ass gudd, dass Du do bass fir hien ze empfänken.

Jane: Ech hu mech och dofir geflass.

Serge: *(telefonéiert mat senger schwäizer Frëndin)* Se bréngen dech an d'Salle d'accouchement? Mäin 5t Kand? Bass Du Daer dees bewosst? Véier Meedercher. Dräi bei Daer an eent bei der Courgette. Gudd, dass ech schaffen fir all dat ze bezuelen. *(eng Paus)* Wéi? *(eng Paus)* Du schafft och.

Patricia: *(zum Jane)* Ech hat Angscht du kéims ze spéit. Zemol well ech dech gefrot hat fir, dass Du dech fläisse solls.

Jane: Wéi?

Mireille: Deng Mamm huet Recht. Et ass besser wann s Du do bass wann däi Frënd kënnt.

Serge: *(telefonéiert mat senger schwäizer Frëndin)* Wéi grouss ass d'Öffnung? *(eng Paus, fënnt seng Wieder)* Esou grouss wéi e schwäizer Frang! Do kenns Du dech als Schwäizer aus mee dat si wéivill Euro?

Jane: Am Fong, mengen ech, ech muss mäin Auto siche goen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Serge: *(telefonéiert mat senger schwäizer Frëndin)* Gudd, dass de accouchéiers dat bréngt mech op aner Gedanken. Hei gëtt et wierklech näischt ze laachen.

Jane: Et wier blöd wa mäi Garagiste um Virowend vu Chrëschttag Cliente verluere géif.

Serge: *(telefonéiert mat senger schwäizer Frëndin)* Zweek Steier-Kontrolleren an enger Famill. An dat ass meng Famill, do muss Du awer zouginn, dass ech keng Chance hunn.

Jane: Ech sinn an 10 Minutten erëm. (Hat geet bei d'Dier fir eraus)

Serge: *(telefonéiert mat senger schwäizer Frëndin)* Wat? ... *(fënnt seng Wieder)* Zweek Steier-Kontrolleren.

Patricia: *(beonrouegt)* A wann e kënnt?

Jane: Da so him e soll op mech waarden. Ech si jo net säi Neger. *(hat geet)*

Serge: *(telefonéiert mat senger schwäizer Frëndin, rosen)* Mengs de et wier elo den Ablack fir mech ze kritiséieren?

Gilbert: Eng schéin Demonstratioun vun der Weesekand-Névrose

Patricia: Pst, Wann de Serge dat héiert ...

Serge: *(telefonéiert mat senger schwäizer Frëndin)* En plus geheet mäi Meedchen d'Verloobten ewech wéi aner Pabeier Nuesschnappecher: Weess de wéi deier dat gëtt e Kontroller wéi e Tempo ewech ze geheien? An Du, Du méchs maer Virwërf. Eierlech Häerzi, Du iwwerdreifs.

(D'Jane geet eraus a kënnt laanscht d'Toilettendier.)

Jane: E schéine Bonjour fir deng Prostate.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Serge: *(erstaunt, telefonéiert mat senger schwäizer Frëndin)* Gudd ech loossen dech. Beonroueg dech net, ech halen dech um Lafenden. *(de Serge hänkt an a geet vun der Toilette)*

Szeen 4

(De Serge: kënnt nees an d'Appartement.)

Gilbert: *(ameséiert)* Ech mengen maer bieden, dass deen heiten elo dee richtegen ass.

Serge: *(zum Gilbert)* Du hues meng Kontabilitéit analyséiert, ass do *wierklech* näischt ze maachen?

Gilbert: Éierlech?

Serge: Éierlech!

Gilbert: Wann e routinéierte Beamten d'Kontrolle mécht, da gees de mat Sécherheet an d'Faillite a villäicht esouguer an de Prisong.

Patricia: *(entsat)* De Serge huet ni engem eppes zu Leed gedu.

Mireille: Villäicht, mee dat geet net ëmmer duer.

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"Mäi Meedchen ass verréckt a mäin Eedem ass um Steieramt"*

Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefallen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de